Sensibilité Politique Piraten
Boîte Postale 83
L-7201 Bereldange

T: +352 20 60 66 60

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, 18. Mäerz 2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

De leschte Weekend koum et op der Gare vun Oetrange zu engem schlëmmere Tëschefall, bei deem Onbekannter Mataarbeschter vun den CFL op brutal Manéier zesummegeschloen hunn. Et ass bedauerlech, dass an deem Zuch kee Sëcherheetspersonal mat u Bord war a nëmmen zwee Mataarbeschter present waren. Et ass nët déi eischte Kéier, dass d'Personal vun den CFL Opfer vun esou Gewaltakter ass.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister folgend Froe stellen :

1. Wéi eng Mesurë goufen an deene leschte Jore getraff, fir d'Sécherheet vum CFL-Personal an de Reesender an den Zich, op de Garen ze garantéieren? Ass den Här Minister der Meenung, dass des Mesuren ausräichend waren?
2. Wéi eng zousätzlech Mesurë gedenkt den Här Minister nom leschten Tëschefall ze ënnerhuelen, fir d'Sécherheet vum Personal, virun allem bei Nuetszich, ze erhéijen?

Mat déiwem Respekt,

Marc Goergen